



**Gemeinsam Äntwert vum Här Sportminister, Georges Engel, a vun der Madamm Inneministes, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n° 5694 vun den honorabelen Deputéierte Claude Lamberty a Carole Hartmann zum Sujet "Infrastructure sportive".**

Virop sief gesot, dass de Beräich vun de finanziellen Hëllef vum Staat fir de Bau oder d'Renovatioun vu Sportinfrastrukturen iwwert d'Gesetz vum 18. Juli 2018 betreffend den eelefte 5-Joresplang vu Sportekipementer, respektiv iwwert d'Ausföerungsbestëmmunge vum 1. August 2018 geregelt ass.

Am Prinzip ginn déi jeeweileg Demanden dann och am Sportministère traitéiert, den Inneministère ass an der interministerieller Kommissioun vertraueden, déi am Reglement virgesinn ass.

**Fro 1**

Am Joer 2021 waren et 101 Demandë fir 96 Infrastrukturen. Fir verschidden Infrastrukture kënnen e puer verschidden Demandë gemaach ginn, a Funktioun vun de jeeweilege Budgetsartikele vun der Gemeng.

**Fro 2**

6 Demandë konnten net berücksichtegt ginn, deenen anere gouf Rechnung gedroen oder si sinn a Bearbechtung.

**Fro 3**

Fussballsterrainen	22
Sportshalen	16
Tennis	7
Outdoor fitness	10
Ministaden	11
Boulodromen	3
Schwämmen	3
Liichtathletikpisten	1
Bewegungsraum	4
Beachvolley-Terrain	4
Kloter-Infrastrukturen	3
Äispisten	1
Anerer: Skatepark, Pumptrack, Pétanque, Disk-Golf...etc)	11
	96

Fir d'Joer 2021 sinn 3 481 192,97 € accordéiert ginn.



#### **Fro 4**

Joer	Ufroen	Infrastrukturen
2015	10	10
2016	94	79
2017	158	138
2018	96	84
2019	126	102
2020	121	109
Total 2015-2020:	605	522

#### **Froe 5 a 6**

Déi entspriechend Modalitéite ginn duerch d'Bestëmmunge vun den uewe genannte gesetzlechen a reglementareschen Dispositiounen geregelt an encadréiert.

Zousätzlech dozou schafft de Sportministère un engem entspriechende Vademecum. Iwwert de Portail SAPS/INFRASPORT besteet des Weideren e regelméissegen Austausch mat de Gemengen.

#### **Fro 7**

Et ass ugeduecht, am Kader vun der bestehender Plattform sou e Portail anzeriichten.

Luxembourg, le 10 mars 2022

Le Ministre des Sports

(s.) Georges Engel